N°242
Entrée le 26.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.01.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/01/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

2021 ass decidéiert ginn, fir all d'RGTR Busser mat engem eenheetlechen Design auszestatten. D'Iddi war, dass d'Leit besser den Ënnerscheed tëscht RGTR Busser an aneren Buslinnen sollen erkenne kënnen. Ënnerschiddlech faarweg Sträifen op der Säit (gréng, mof, giel,..) weisen, zu wei enger Busfirma de Bus passt. Bis 2022 sollt dësen neien Design op all den RGTR Busser drop sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass mëttlerweil all Bus am RGTR Reseau am neie Look ausgestatt ginn?
2. Wat ass de Feedback vun de Passagéier?
3. Wat ass de Feedback vun de Busfirmaen?
4. Wéi vill huet d'Ëmgestaltung vun de Busser kascht, déi dee Moment am Ëmlaf waren? Wien huet dës Käschte gedroen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten